Eng BA fir d'Natur

Léif Wëllefcher, Avex, Carapio a Cheffen
Léif Elteren,

D'Guiden an d'Scouten hu sech engagéiert d'Natur an d'Ëmwelt ze respektéieren a se ze schützen.

Dofir maache mir och all Joer bei der grousser Botz an eiser Gemeen mat. Dëst Joer ass déi leider wéinst dem Coronavirus annuléiert ginn. Dat soll eis awer net drun hënneren trotzdeem der Natur eppes Guddes ze doen.

Mir proposéieren dofir als Aktivitéit eng « kleng Botz" als BA fir d'Natur ze maachen.

Wéi geet dat?

Wann der mat Ären Eltere oder awer eleng spadséiere gitt, huelt einfach eng Tut mat a raft den Dreck, deen der beim Spadséieren an der Natur fannt op a geheit en doheem an d'Dreckskëscht. Vergiesst awer Är Händschen net!

Fir de Leit dobaussen ze weisen, datt d'Scouten trotz dem Confinement aktiv sinn a sech fir d'Allgemengheet asetzen, biede mer iech eng Foto ze maachen, wann der beim spadséieren den Dreck, deen aner Leit an d'Natur geheit hunn opraaft. Schéckt eis dann dës Foto iwwer Mail op d'Adress ba@wormer-scouten.lu .
Mir posten dës dann op eiser Fanpage vum Grupp op facebook an op eisem Site.
Hei däerfen Är Elteren an Är Geschwëster roueg och matmaachen.

Mir wënschen iech vill Spaass beim Matmaachen an hoffen, datt mer ganz vill flott Biller gemailt kréien.

Mat léiwe Scoutsgréiss

D'Chefekipp